



Fotos: MASKÉNADA

Vun Hexen, Geeschter a louche Paschtéier: den zweete Volet vum „roude Fuedem duerch de roude Buedem“

„Dat wackelt a passt net“

ESCH2022 „Nuetsgejäiz a Bëschgepäspers“ am Obeler Bësch

Jeff Schinker

Fir den zweete Volet vum hirem ambitiësen Esch2022-Projet „Ee roude Fuedem duerch de roude Buedem“ huet MASKÉNADA de Jean Bürlesk an d'Mandy Thiery dozou engagéiert, den Obeler Bësch mat grujelege Gestalten an eng ontologesch Grozon tëscht Liewen an Doud ze verwandelen – an de Fraefiguren aus ale Legendene déi Platz ze ginn, déi se eigentlech scho laang missten hunn.

Ee gudd Mount, nodeem een am Ellergronn ee fragmentéiert a méisproocheg Lauschterstéck em Wierin an hire Mann, ee fanatesche Jeeër, bei engem Trëppeltuer konnt entdecken, bitt de Kënschler³ in-ne-Kollektiv MASKÉNADA den zweete Volet vum hirem groussen Esch2022-Projet, deen a sechs Stécker opgedeelt ass an an deem al Lëtzebuurger Legendene, inspiréiert vum Mil Goerens sengem Wälzer „Eiser Soen“, op eng feministesch Aart solle beliicht ginn.

Ganz um Ufank, während de kleng Grupp nach bei Dageslicht duerch de Bësch leeft,

mësch sech ee Stëmmechouer ënnert d'Leit, dee quasi monoton eng Rëtsch vu Recommandatiounen oplësch, wéi ee sech als Fra ze verhalen huet, fir net Affer vum engem Iwwergrëff ze ginn. De Subtext vu sou Empfehlungen ass däitlech: Wann s de dech net esou verhält, bass de wuel selwer Schold, wann en Typ sech un dir vergräift. Domat gëtt och effektiv de roude Fuedem vum Projet débiniert – an „Nuetsgejäiz a Bëschgepäspers“ gëtt gewisen, wéi eng Roll d'Frae meeschtens a Grujelgeschichten hunn, a wéi och do fraeindlech Stereotypen tëscht Hex an Affer gepflegt ginn.

Virdru gouf den Theatergänger op der Beetebuurger Gare ofgeholl a mat engem Retrobus aus de 70er an den Obeler Bësch gefouert – wien hei un der Volleksbün hire „Bësch“ denkt, läit absolut richtig, Parallelen tëschent deenen zwee Stécker sinn, souwuel vum Konzept wéi vum Oflaf, definitiv do, wat net heescht, dass dat Gejäiz a Gepäspers zu Obeler net als eegestänneg Stéck géif funktionéieren.

No engem éischten Stopp zu Obeler, wou de Paschtouer (Luc Lamesch) de Public op eng sto-

esch Aart empfängt, an eng kuerz Priedegt an der Kierch, gëtt hien am Bus weider Instruktiounen, wéi e sech während sengem Parcours ze verhalen huet – eng Täscheluucht erlaabt et, d'Kreaturen ze detektéieren, sollte se geféierlech ginn, huet jiddereen eng kleng Fläschelche mat Wäiwaasser, déi en op d'Monstere puche kann. Schon hei gëtt d'inhärent Misogynie vum chrëschtliche Metarécit entbléist: D'Fra stamt aus der Répp vum Mann, deen „d'Krënnung vum der Schöpfung ass“, a wien dat Weltbild a Fro stellt oder duerch säi rengt Dosinn op d'Kopp stellt, ass wuel eng „Beleidigung vum Bild Gott“.

Zeréck am Bësch

Während een am „Bësch“ vum der Volleksbün op sech eleng gestallt war a sech säin eegent Theaterstéck quasi zesummewierfele konnt, ass dës Erfahrung eng kollektiv: De kleng Grupp gëtt duerch de Parcours virun allem vum der Figur vum Paschtouer guidéiert a bleibt ëmmer nees stoen, wann en op eng méi oder wéiniger grujeleg Figur stéisst: Do wier als alleréisch dem Gianfranco Celestino seng lasziv Melusinn, déi dem Schappmännchen (Mady Durrer) seng Hënn aus dem Waasser gezunn hunn.

De Jeeër weess net esou richtig, wat e mat der Melusinn soll maachen: „Dat wackelt a passt net“, mengt hien/si – alles wat net an eng heteronormativ Schabloun ka gestach ginn, ass

onnatierlech an dofir verwerflech. Duerch d'Ëmkéierung vu Gender an der Besetzung vum de Figuren wierken dës Wieder natierlech ironesch, gëtt hire reaktiönäre Inhalt op eng verspillten Aart entbléist – et ass dëst eng vun de gudden Regie-Afäll vum der Laetitia Lang. Weiderhi begéint den dapore Public engem Geescht, deen no senger Duechter sicht (Piera Jovic), dem Däiwel héchstperséinlech (Jean Bürlesk) an eng Hex (Elena Spautz), kuerz éiert se verbrannt soll ginn.

Leider wierkt d'Stéck trotz dem konzeptuellen Iwwerbau an trotz der linearer Erzielung deelweis genee esou fragmentéiert, wéi der Volleksbün hire „Bësch“. Déi eenzel Zeene si méi kleng Tableauren, déi a sech gekuckt duerch funktionéieren – mä et feelt engem deelweis de roude Fuedem, deen duerch den narrativen Encadrement iergendwéi versprach gouf an deen zwar thematesch duerch novollzëibar ass (et geet hei net just em déi Aart, wéi an de Legendene d'Fraefiguren ëmmer just als béisaarteg oder hëlleflos duergestallt goufen, mä och a virun allem dorëms, wéi vill vu genee deene Klischeeë mir an eisen Alldag importéiert hunn), mä an der Praxis net präzis genuch eriwier kënn. Well déi verschidde Figuren awer vum enger Zeen op déi aner ëmmer nees opdauchen, hätt ee méi kënnen op Kohärenz a Charakterdéit setzen.

Dëst ass ëmsou méi schued, well déi verschidde Figuren eigentlech vill méi Potenzial haten, wéi dat, wat déi puer

Zeeenen aus hinne maachen. Dat läit vrun allem dorunner, dass déi verschidde Schauspiller zu all Zäitpunkt iwwerzeugen – sief et dem Luc Lamesch säi fanatesche Paschtouer, dee sech no an no an ee Béischt verwandelt, dem Piera Jovic seng „wäiss Fra“, déi no hirem verlorene Kand klot, oder dem Elena Spautz seng Hex, déi an engem vun de beschte Passagé vum Stéck un ee Poul gebonnen ass, op hir Verbrennung waart a vun hirem Liewen ënnert de Mënschen zielt. An der Schlusssequenz kommen dann all d'Handlungsfiedem zesammen – well awer de Lien zu de Personagen esou fragmentéiert ass, wierkt déi Zeen, och wa se ënnerrhält, e bëssen opgesat.

Nawell geet d'Konzept op, well MASKÉNADA et och hei nees verstee, hiren in situ Theater op eng spannend Aart anzepaken an Theater ze maachen, deen och Leit unzitt, déi normalerweis vum der sozialer Schwell, déi en Theaterhaus dann awer ëmmer duerstellt, ofgeschreckt sinn. „Nuetsgejäiz a Bëschgepäspers“ ass ästhetesch usprochsvoll, ënnerrhalsam – a gläichzäiteg eng Hommage un all déi, déi „wackelen an net passen“.

Info

D'Stéck gëtt nach den 18., 20., 21., 27. an 28. Mee gespillt. All d'Virstellungen sinn ausverkaaft. Méi Infos op: maskenada.lu.

Radio ARIA
Meindeg,
16.05.2022
20h00 - 22h00
Metal Mayhem
Rock vu Metal bis Mayhem. Mol méi haart a mol relax, mol vu gëschter a mol aktuell, mol harmonesch, mol chaotesch.
Mam Jang